1-2019-0-R-5916-01 (n°3245)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Débat sur la déclaration du Gouvernement à l'égard de la situation actuelle de la pandémie du Covid-19

Lëtzebuerg, den 09/07/2020

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- D'Coronapandemie weist, wéi wichteg e Reseau un engagéierte Benevolle fir eis Gesellschaft ass ;
- D'gesellschaftlecht Engagement ass eent vun de Fundamenter vun der gesellschaftlecher Kohesioun an dem gesellschaftleche Liewen am Allgemengen a muss unerkannt a gewäertschätzt ginn;
- Eist Land brauch a Betruecht vun de groussen Defien, déi eis bevirstinn, eng staark Zivilgesellschaft, engagéiert Veräiner, Associatiounen a Benevollen ;
- Vill Reuniounen a Concertatiounen am Benevolat fanne wärend de regulären Aarbechtszäite statt, wat d'gesellschaftlecht Engagement erschwéiert ;
- Et bestinn elo scho verschidde Méiglechkeeten, fir am Kader vu verschidden Aktivitéite vu senger Aarbecht fräigestallt ze ginn (z.B. am Beräich Sport, Kooperatioun oder Services de secours, etc.);
- Lokalpolitiker profitéiere vun engem gesetzlech encadréierte Congé politique ;
- d'gesellschaftlecht Engagement kéint an der Form vun engem Congé geférdert ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. e Screening vun de bestoende Congéen ze maachen ;
2. ze evaluéieren, ënnert wéi enger Form een dës Congéë kéint regruppéieren an méi breet accessibel maachen ;
3. der Chamber ee Rapport vum Screening an der Evaluatioun ze presentéieren.

Sven CLEMENT